Schwäiz-Wallfahrt 2012

vun de Lëtzebuerger Massendénger

23.07. – 27.07.2012

Léif Massendéngerinnen a Massendénger,

D'Equipe Lëtzebuerger Massendénger bidd 40 Massendénger aus eiser Diözes d'Geleeënheet fir am Summer 2012 mat an d'Schwäiz ze fueren. Sou steet eng Wallfahrt an Aussiicht an zwar vum 23.07. – 27.07.2012.

*** Wien a wéivill kënnen der matfueren ?**

Massendéngerinnen a Massendénger aus dem Lëtzebuerger Land sinn invitéiert un dëser Wallfahrt deelzehuelen. Si **musse virum 01.09.2000 gebuer sinn** a **wierklech bäi de Massendénger** sinn.

40 Massendénger huele mer am ganze mat. Et heescht also: **Net laang zécken! Sech direkt umellen, well déi éischt si vir!**

*** Wat muss ee maache fir kënne matzefueren ?**

Ugemellt fir dës Wallfahrt ass een eréischt, wann een dës zwou Saache gemaach huet:

1° den **Umeldungsformular** komplett ausfëllen, mat enger Ënnerschréft vun engem vun den Eltere fir déi bis 18 Joër an der Ënnerschréft vun ärem Här Paschtouer oder ärem Massendéngerresponsabel an un dës Adress schécken:

Lëtzebuerger Massendénger – Centre Convict
5, avenue Marie-Thérèse L-2132 Lëtzebuerg

an:

2° en **Acompte vun 260 €** op de Konto LU23 0019 1300 2639 3000 vun de Lëtzebuerger Massendénger bei der Spuerkeess Lëtzebuerg (BCEE) iwwerweisen.

Um Virement oder Versement muss an der Communicatioun den **Numm, Virnumm an d'Par** vun deem stoen, dee mat an d'Schwäiz fiert. Besonnesch ass dat wichteg wann de Paschtouer, d'Kierchefabrik oder soss een iwwerweist, deem säin Numm anescht ass wéi deemjéinege säin, dee matfiert.

Waart och net drop, bis datt de Frënd oder d'Frëndin sech et iwwerluecht huet fir matzefueren.

Wann der décidéiert sidd, da gläich

1° Formular komplett ausfëllen an eraschécken,
2° Acompte iwwerweisen – an net vergiessen um Virement den Numm vun deem unzeginn, dee mat an d'Schwäiz fiert.

*** Wéi geet et weider ?**

Wann de Formular ukomm an den Acompte iwwerwisen ass, kritt Dir geschwënn eng Äntwert aus der Zentral, ob dir ugeholl sidd; Dir braucht also net direkt an der Zentral nozefroen.

Wann d'Zuel vun 40 (maximum) erreecht ass, gëtt dat am Lëtzebuerger Wort an op eiser Internetsäit matgedeelt. Vun deem Dag u braucht Dir keen Acompte méi ze bezuelen, mee nach just den Ziedel eranzeschécken.

Dir gitt dann enregistréiert an der Rei no op eng Waardelëscht gesat; wann ee sech ofmellt, da gitt Dir – der Rei no – vun äis kontaktéiert. Et kann een also net selwer bestëmmen, wien a senger Plaz mat fiert.

*** Wou si mer ënnerbruecht a wat kascht et ?**

Logéiert gëtt an enger Jugendherberg zu Engelberg. (www.familienherberge.ch).

Mir hu Vollpensioun; mëttes iesse mir och mol auswäerts oder mir pick-nicken.

De Präis fir dës Wallfahrt ass **460 €** an hei sinn abegraff: Rees, Logement, all Iessen, Foulard, Ausflich, Entréeën, Assurancen asw.

*** Wéi komme mir an d'Schwäiz ?**

Mir fuere mat engem komfortabele Bus Méindeg, den 23. Juli 2012 moies fréi an der Stad fort, fir am Nomëtteg zu Engelberg unzekommen.

Wann alles klappt si mir Freides, den 27. Juli 2012 owes erëm an der Stad.

Wat gi mir an der Schwäiz kucken a wat ass soss alles um Programm ?

Während dëser Woch an der Schwäiz huele mir äis Zäit fir den Niklaus von Flüe kennen ze léieren, ginn eraus an d'Natur, besichen d'Benediktinerklouschter zu Engelberg, trëppelen duerch d'Stad Luzern, kucke Glasbléiser zu Hergiswil iwwer d'Schëller .... an nach villes méi.

Equipe Lëtzebuerger Massendénger

Centre Convict – 5, avenue Marie-Thérèse
L-2132 LËTZEBUERG

Tel.: 44743-243 – Fax: 44743-248

massendenger@hotmail.com
www.massendenger.cathol.lu